Lëtzebuerger Guiden a Scouten

association sans but lucratif
*reconnue d'utilité publique*

Bilsdorf Guide and Scout Centre · Neihaischen Guide and Scout Centre · Fënsterdall Scout Campground · LGS shop by Lessure Workwear

# Newsletter

2/2020

***Léiwe Member a Frënn vun der a.s.b.l. vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten,***

*Coronabedéngt geet et net ëmmer esou séier weider, wéi een et sech wënscht a mir musse beim neie Projet Neihaischen nach e bësse Gedold üben. Dowéinst ass dëst Joer och keng weider Generalversammlung méi. Derniewent wëlle mer ee klenge Point iwwert ons Aktivitéite maachen.*

*Am Numm vum ganze Conseil d'Administration wëll ech nach op dëser Plaz jidferengem besënnlech a roueg Chrëschtdeeg wënschen, ee gudde Rutsch an d'Joer 2021 an nëmmen dat Bescht fir dat neit Joer.*

*Eric*

## Assemblée Générale Ordinaire convoquée extraordinairement – Annuléiert

Wéi mer an onser leschter Newsletter nach fir dëst Joer eng weider Generalversammlung ugekënnegt haten, hate mer nach gehofft, dass mer onsen Timing anhale kéinten. Elo musse mer awer leider matdeelen, dass de neie Projet Neihaischen an der ëffentlecher Prozedur Verspéidung krut an ons den Accord de principe dëst Joer net zougestallt gëtt. D'Ursaach fir dës Verspéidung ass awer nëmme coronabedéngt, esou dass mer d'nächst Joer wäerten urappe kënnen.




## LGS-Shop by Lessure

Den LGS-Shop by Lessure an der Origerstrooss op der Gare léisst iwwert Chrëschtdag an Neiooschdag seng Diere vu **Sonndes, den 20. Dezember 2020 bis Sonndes, den 3. Januar 2021 inclus zou.** Duerno ass de Shop nees zu senge gewinnten Zäiten op.

## Mam Tram, Zuch oder mam Auto bei den LGS-Shop by Lessure



Vu Sonndes, den 13. Dezember 2020 un fiert den Tram bis bei d'Stater Gare. Dëst bréngt eng Hellewull Ännerungen am ëffentlechen Transport mat sech. Den Tramsarrêt „Paräisser Plaz" ass 1 Minutt vum LGS-Shop ewech. Weider Detailer fënns de op ***www.mobiliteit.lu***

Och mam Zuch a mam Auto bleift den LGS-Shop weiderhinn gutt erreechbar. Genuch Parkplaze ginn et an de Parkinger Neipperg a Rocade. Vun hei aus ass een an e puer Minutte beim Shop.

# Renovatiounsaarbechten am Relais de l'Amitié





Ewéi schonns an der leschter Newsletter ugekënnegt sinn den 19. Oktober 2020 d'Renovatiounsaarbechten am Relais de l'Amitié zu Bilschdref ugelaf a sollen fir den 31. Dezember ofgeschloss sinn.

Um Planning stinn:

- Rez-de-Chaussée

Ustrach vun der Kichen an dem grousse Sall
Ersetzen vun de Luuchten, an den Heizungen
Abau vun enger neier Pendeldier an engem neien Wandschaf (Foto)
Liwwerung vun neien Dëscher a Still

- Trapenhaus

Ustrach vum Gelänner, de Maueren, den Dieren an de Plaffongen

De gréissten Deel vun dësen Aarbechten ass schonns fäerdeg a no der Liwwerung vun de neien Dëscher a Still, kënnen mer esou am neien Joer, d'Gruppen an engem schéinen neien Kader ëmfänken.

*Fir Reservatiounen ab 1. Januar 2021 kontaktéiert eis um 621 315 811 oder per Mail op chalet.bilsdorf@asbl.lgs.lu*

*Roland*

## De Kolibri ass do!

Ass dat net e Vugel? Abee jo, souguer e ganz patente Villchen an esou heescht och eise „Home-Lift" um Neihaischen. Mat dësem „luese Lift" (0,15 m/sec) kënnt ee ganz sécher an enger Minutt vu ganz ënnen no ganz uewen. Grad esou wichteg fir jidderee mat enger Gobehënnerung sinn äis Rampe fir an de Chalet eran ze kommen. Wann een dës Puzzelstécker als „Zoubrénger" an engem barrièrefräien Home kuckt, esou bréngen se awer näischt wann d'Ëmfeld net heifir ugepasst gëtt; dofir gouf och eng alleréischt behënnertegerecht Buedkummer mat Dusch ageriicht.

Fir datt jiddereen zuwee kënnt, vugelfräi – esou wéi e Kolibri.

*Fir Reservatioune vum Chalet fro w.e.g. beim Steve ënnert chalet@scotel.lu / 691 43 75 59 no oder kuck ënnert www.scotel.lu*

*Luc & Dan*



## Wichteg Datumer

| | |
|---|---|
| **Mëttwochs, de 24. Februar 2021:** | Uerdentlech Generalversammlung |
| **Samsdes, den 1. Mee 2021:** | 1. Mee-Feier um Neihaischen |
| **Donneschdes, den 13. Mee 2021:** | Kiermes zu Bilschdref mat 50-Joresfeier |